

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister, un den Här Educationminister, den Här Wirtschaftsminister an den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Sou wéi et mir zougedroe gouf, soll d'Ënnerstëtzung fir Entreprises, déi kuerzzäiteg Stage vun enger bis zéng Wochen ubidden, zënter 1996 net méi ugehewe gi sinn.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung dat confirméieren? Falls jo, wéi ass déi Decisioun motivéiert? Falls net, wéini goufen déi genannten Hëllef fir d'lescht ugepasst? Goufen déi Ënnerstëtzen indexéiert?
- 2) Plangt d'Regierung eng Upassung vun de finanziellen Ënnerstëtzen oder aneren Hëllef fir d'Entreprises déi Stagen offréieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, vum Wirtschaftsminister, Franz Fayot, a vun der Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6292 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser

Ad 1)

Et gëtt eng finanziell Ennerstëtzung fir Entreprises, déi Schülerinnen a Schüler an de Stage huelen. Dëst geet aus dem groussherzogleche Règlement vum 13. Mee 1996 (*Règlement grand-ducal du 13 mai 1996 déterminant le contenu du contrat de stage de formation en entreprise des élèves de l'enseignement secondaire technique ainsi que le montant de l'aide particulière à verser aux entreprises qui prennent en stage des élèves*) ervir.

De Montant beleeft sech op 247,89 Euro pro Mount, respektiv 371,84 Euro fir sechs Woche Stage oder nach 619,73 Euro fir 10 Woche Stage.

Déi finanziell Ennerstëtzung vun de Spideeler a Fleegeheimer, déi eng Konventioun mam Lycée technique pour professions de santé (LTPS) hunn, ass indexéiert, esou wéi et am Protocole d'accord tëscht der Caisse nationale de santé (CNS) an der Federatioun COPAS preziséiert ass (*Protocole d'accord signé en exécution de l'article 395 du Code de la sécurité sociale, conclu entre - la Caisse nationale de santé agissant en sa qualité d'organisme gestionnaire de l'assurance dépendance, d'une part, - et la Fédération COPAS a.s.b.l., agissant en sa qualité de groupement professionnel des établissements d'aides et de soins à séjour continu au sens de l'article 390 du Code de la sécurité sociale, d'autre part*).

Déi finanziell Ennerstëtzung fir déi edukativ Aariichtungen ass duerch eng Konventioun gereegelt, déi um groussherzogleche Règlement vun 2009 baséiert (*Règlement grand-ducal du 22 juillet 2009 déterminant le contenu de la convention de stage de pratique professionnelle des élèves du régime technique de l'enseignement secondaire technique du lycée technique pour professions éducatives et sociales ainsi que le montant de l'aide particulière à verser aux institutions qui prennent en stage des élèves*). Dës Ennerstëtzung ass net indexéiert, an ass zanter dem Schouljoer 2009/2010 onverännert.

Ad 2)

D'Regierung plangt de Moment keng Ännerung vun dëse Modalitéiten.

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH